



n° 2201

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 13. Mee 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

Am Kontext vun der Coronakris hunn divers Regierungsvertrieder de Leit erkläert si kéinten aplaz Schutzmasken och e Buff oder änlech droen. Dozou sief och bemierkt, dass all Schüler 2 Buffen vun der Regierung zur Verfügung gestalt krut oder kritt.

An der Froestonn geschter sot den Här Bildungsminister, dass si d'Qualitéit vun deene Buffen net getest hunn an hie géif och dovunner ofroden, se sou oft ze diebelen bis se dicht sinn, well ee soss Otmungsproblemer kéint kréien.

Um offizielle Site vu Buff heescht zu hirem Produkt:

„Obwohl unsere multifunktionalen Kopfbedeckungen die gesamte Vorderseite des Gesichts (Nase, Mund, Kinn und Hals) bedecken, **ist wissenschaftlich nicht erwiesen, dass sie die Ansteckung oder die Übertragung eines Virus, einer Krankheit oder eines Leidens auf andere Personen verhindern.**“

D'Regierung huet jo oft gewarnt, dass d'Droe vu Schutzmasken de Leit eng falsch Sécherheet kéint vermëttelen. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro liest een niewebäi Folgendes zum Droen vu Masken:

„Il est également important d'informer la population sur les limites de protection qui concernent le porteur du masque même, et la nécessité de respecter en toute occasion les autres consignes d'hygiène et de distanciation interpersonnelle.“

Virun dësem Hannergrond wéilte mir folgend Froen un den d'Madamm Minister stellen:


- Wéi kann d'Regierung d'Leit dozou ermuddegen e Buff ze droen, wa souguer de Produzent selwer schreiw, dass et net wëssenschaftlech erweisen ass, dass dës Gesichtsbedeckung hëlleft d'Iwwerdroen vum Coronavirus ze verhënneren? Oder op wéi eng wëssenschaftlech Studien huet sech d'Regierung bei hiren Aussoen baséiert?
- Stinn d'Aussoen vun der Regierung am direkte Widdersprooch zu anere Regierungsaussoen iwwert eng falsch vermëttelt Sécherheet?
- Hätt d'Regierung änlech wéi se dat de Gemenge virgehalen huet d'Leit net besser missen iwwer d'Limiten vum Droen vun de Buffen informéieren?

- Wéi bewert d'Madamm Minister deemno d'Veerdeelen vu Buffen un d'Schüler? Sinn d'Schüler iwwer d'Limiten dovunner informéiert ginn? Deelt d'Madamm Minister folgend Aussoen betreffend d'Buffen vum Bildungsminister: „Was die Sicherheit betrifft, ist es nichts anderes als ein Mundschutz“?

Mat déiwem Respekt,



Françoise Hetto
Deputéierten



Gilles Roth
Deputéierten



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 2201 du 13 mai 2020 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et de Monsieur le Député Gilles Roth concernant l'"Efficacité des bandanas utilisés comme protection contre la Covid-19".

Et ginn effektiv nëmmen limitéiert Studien iwwert d'Efficaciteit vun sougenannte „alternativen“ Masken oder Mond-Nuesen-Schutz. Et muss een och drop hiweisen, dass et sech heibäi net ëm standardiséiert Produkter handelt, mee dass jee no Qualitéit vum Stoff d'Wirksamkeet variéieren kann, an dofir keng allgemeng gülteg Schlussfolgerungen kënnen gezu ginn, wéi dat bei engem genormte Produkt méiglech ass .

Aus der aktueller medizinescher a wëssenschaftlecher Literatur geet awer ganz kloer Folgendes ervir:

1. D'Droe vun engem Mond-Nuesen-Schutz (y compris déi selwer gemaachte Masken) gétt eng kloer Protectioun géint d'Infektioun mat Viren déi iwwert Drëpsen iwwerdroe ginn¹ ;
2. Déi standardiséiert Masken hunn eng liicht besser Filterfonktioun wéi d'Stoffemasken² ;
3. D'Stoffemasken ginn eng manner gutt Protektioun géint d'Infektioun wéi déi standardiséiert Masken^{3 4 5}.

Bei der ganzer Diskussioun muss een awer och bedenken dass aner Facteure matspillen wann ee gären hätt, dass d'Leit och d'Maske richteg a regelméisseg undinn. Esou emfannen vill Leit d'chirurgesch Masken als désagrèabel a kloen ganz schnell iwwer verschidde Beschwerden (Kappwéi, Otemproblemer, Schwindelgefiller, etc.) Dëst schéngt manner de Fall ze sinn bei Stoffemasken. Et weess een och dass et bei de Kanner vun 6-12 Joer oft schwierig ass, dass si eng Mask richteg undinn an opbehalen iwwert d'Zäit. Dofir kann hei e "Buff" eng méi praktesch an effizient Alternativ sinn.

Dëst war och d'Iwwerleeung vum Éducatiounsministère. De "Buff" ass just eng Optioun déi den Edukatiounsministère all Schüler an al Enseignant zur Verfügung gestallt huet fir d'Schoukkommunautéit beschtméiglech ze schützen. Et ass dem Enseignant oder dem Schüler deemno iwwerlooss op se de "Buff" droen oder en alternativen Mondschutz. Bei all den ausgedeelten "Buffen" un d'Schüler an un d'Enseignanten luchen Informationsziedelen dobäi, déi iwwer d'Utilisatioun vum "Buff" opgekläert huet. D'Elteren an d'Enseignanten goufen och iwwert eng Newsletter informéiert.

D'Ausso vum Fabrikant vum "Buff", dass säi Produkt kee wëssenschaftlech bewisene Schutz géint Infektiounen ass, muss een och am Sënn verstoen, dass de Fabrikant hei keng legal Responsabilitéit wëllt iwwerhuelen, fir e Produkt dat hien jo absichtlech net als "Medizinprodukt" op de Maart bréngt. Géif hie säi Produkt als "Medizinprodukt" kommerzialiséieren, misst hien ganz aner legal Oplagen respektéieren, wat aus finanzieller Siicht fir de Produzent sécher net interessant wär.

¹ Chu, DK et al. Physical distancing, face masks, and eye protection to prevent person-to-person transmission of SARS-CoV-2 and COVID-19: a systematic review and meta-analysis. Lancet 2020, June 1. Online publication.

² Konda, A. et al. Aerosol filtration efficiency of common fabrics used in respiratory cloth masks. ACS NANO, 2020, April 21. Online publication.

³ Godoy, LRG. et al. Facial protection for healthcare workers during pandemics: a scoping review. BMJ Global Health 2020, April 23. Online publication.

⁴ MacIntyre, CR. et al. A cluster randomised trial of cloth masks compared with medical masks in healthcare workers. BMJ Open 2015, March 15. Online publication.

⁵ Davies, A. et al. Testing the efficacy of homemade masks: would they protect in an influenza pandemic Disaster Med Public Health Preparedness 2013; 7:413-8.